PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Gesondheet weiderzeleeden.**

"Net ouni meng Mask", dëst war der Numm vun der Werbecampagne, déi de Gesondheetsministère fir ronn eng Millioun Euro opstelle gelooss huet. Wéi d'Ministere mir a menger Fro n°2333 äntweren, gouf eng Firma domadder beopdrot, dës Campagne ze realiséieren. Opfälleg ass, dass dës Firma direkt Verbindunge mat mindestens enger vun de Regierungsparteien huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi verdeelen sech déi 1.132.263,38€ Ausgaben op
   - d'Konzeptioun?
   - d'Diffusioun?
   - d'Publicitéit?
   - d'Kommissioun vun der Agence?
2. Kann d'Regierung confirméieren, datt et sech bei dëser Agence ëm eng Firma handelt, déi an der Walcampagne 2018 vun der d'LSAP Opträg krut?
   (Quell: https://www.adada.lu/2018/12/michel-strotz-et-karim-youssef-creent-lagence-neon-marketing-technology/)
3. Firwat krut grad dës Firma den Optrag vun der Regierung?
4. Ugesiichts den aktuellen Informatiounen, wéi schléisst d'Regierung aus, dass et zu Favoritismus an dësem Fall komm ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député